

## Batty WEBER

Mir hunn dat lescht Joer un e Lëtzebuergער erënnert a geduecht, **deen an eiser Kulturlandschaft eng ganz extra Plaz huet**; „extra/aparta“, well de Batty Weber an engems e Sprooch-Mann war an dobäi eist Land a seng Leit ënnert der Lupp an op der Schreif hat. An deem, wat hie geschriwwen huet, fanne mir d'Atmosphär vu Lëtzebuerg **aus enger Zäit erëm, wou eist Land sech am Fong politesch erfonnt huet**, an zwar vu virum 1. Weltkrich bis genee den Ufank vun deer 2. Katastroph, déi mir de Preisen ze verdanken hunn.


De Batty Weber ass 1860 gebuer an 1940 gestuerwen. **Wann dir déi „Zäit-Schéier“ huet, dann huet dir zimlech exakt déi Joeren, wou et fir Lëtzebuerg praktesch ëm alles gaang ass:** ugefaang mat dem „70er Krich“ vun de Preise géint dem Napoleon III säi Frankräich, iwwer déi „Grande guerre“ vu 14/18 a bis bei d'Nazi-Okkupatioun vun 1940. Den Här Weber huet als Cheffë vum Land den oranesche Wëllem III, de „gudde Pränz Hary, d'Groussherzogen Adolphe, Guillaume IV, Marie-Adelheid a Charlotte „erlieft“, grad ewéi den Ufank vun eiser Eisenindustrie, der Eisebunn an d'Formatioun vun alle bedeitende „Gewerkschaften“. Mä hien huet dat net nëmme „matkritt“; een wéi hien huet dat gelieft... a **27 Joer laang, vun 1913 bis 1940 regelméisseg 5mol an der Woch an sengem „Abreisskalender“ kommentéiert...** dat waren (nom Evy Friedrich) deer Artikelen, ëm déi 7.500. Wien sech fir eis Geschicht vun deer Zäit intresséiert, deen hëlt se mam Batty Weber aus hirem dréchenen historeschen Eck matzen an dat Liewegt eran. Well hien och nach Stenograph an der Chamber war, huet de B.W. natierlech d'Ouere fir alles musse spëtzen, wat sech déi Joeren an der Politik gemaach huet... an dat war mengerwäreg kéip- maandel- an teimerweis!

De Batty Weber war, iwwer seng Brout-Aarbecht eraus, ower net nëmme en „Enregistreur“; hien huet och „Bicher“ geschriwwen, Romanen („Fenn Kass“) an nach laang net déi mannst; **seng Theaterstécker gehéieren zum Beschten, wat mir hunn**, mä leider, leider ass bei deem Bommen-Talent eis Sprooch net genuch duerchgebrach. Hie war en Ass an de klenge Schnoken op Lëtzebuergesch (z.B. „dem Yabbo seng Kap“); säin „Teschtement“ oder „de Schéifer vun Aasselburn“ si Goldstécker an eiser Theaterliteratur... mä dat sinn zimlech literaresch isoléiert Wierker; si setze leider mat der Zäit Gréngespoun un.

**Bei deer Sproochuergel an deer „Schreif“, déi de Batty Weber hat, hätt d'Sprooch vum Land well zënter 90 Joer eng schrëftlech Plaz gehat**, déi d'Lëtzebuergesch-Schreiw fir all „Net-Bicherleser/ Theaterfan“ zu enger Normalitéit gemaach hätt... wourop et haut, ee Gléck! lassgeet. Ganz sécher hätten d'Nazien sech ower 1941 deen dackelege „Referendum“ gespuert... Doriwuer kënne mir nach hatteweis Artikelcher schreiw.

Et ass einfach net ze verstoen, dass ee Mann, deen zesummen zu Briedemes mam Dicks senge Kanner a praktesch bei hinnen am Haus opgewuess ass, deen de Michel Lentz, den C.M. Spoo, de Paul Eyschen, den Nik. Welter, de Jos.Tockert asw. haut-no kannt an erlieft huet, net op d'Idi komm ass, fir **op d'mannst en Drëttel vu sengen „Abreisskalenderen“ a sengem genëssege Lëtzebuergesch ze schreiw**, well dann... denkt emol doriwwer no!

vum Lex Roth



## Ceterum censeo... (46)

...= *iwregens sinn ech der Meenung...* dass déi Sprooch-Toperei, déi fir d'Gemengeréit geplangt ass, ni a Fro komm wier, wann **d'Lëtzebuergesch als „langue du Grand-Duché“ an eiser Verfassung** geng stoen. Domat ass dat Wichtigst aus eiser Rei vu 46 Artikelen fir eis Sprooch an der Constitutioun op déi allerkerzt Fassong gesot. Vlächent kennt dir de Sprooch vun den „dommste Kälwercher“?

## Eis Uertschaftsnimm

**Mir ginn „all gudde Broutdag“ gefrot, wou dësen oder deen Uertschaftsnumm giff hierkommen.** Et ass flott, dass iwwerhaupt emol doru geduecht gëtt, well „an der Zäit“ ass déi Fro knapps engem agefall.

Eng vun eisen éischten Actiounen war, esou ëm d'Mëtt vun de 70er Joeren dofir ze suergen, dass am **Téléphonsbuch** iwwerhaupt emol eng Lëscht mat de lëtzebuergeschen Nimm giff erakommen; et war net einfach, d'Post dodrun ze kréien... mir soen ower haut nach iwwer d'Graf ewech dem Här Direkter Joseph Heinen en décke Merci fir säin Asaz. Haut ass dat nach vill besser: Dir fannt all Numm nieft dem franséischen... **also huet och kee méi eng Ursach, eis Nimm um Radio oder der TV ze vernennen.**

Grad esou si mir den Häre Ministere Jemp Büchler a Jean Hamilius e Merci schëlleg, dass een **eis Uertschaftsnimm zënter Joeren op de Schëlter fënnt...** formidable ass et, dass déi zwou jéngst Generatiounen vun äis dat als dat Natierlechste vun der Welt fannen!

Elo geet et ower ëm **eng Aarbecht, déi eeriicht an d'Wëssenschaft erageet, an zwar déi sougenannt Etymologie/ d'Wuerzel vun den lokalen Nimm.** Dat ass natierlech eng Fro fir Leit, déi am Keltischen, dem Latäin an dem Al-Däitsche kënneg sinn a schaffen; et ass och eng Saach, wou eis spezialiséiert Familjefuerscher (Genealogen) en Aarbechtsgebitt hätten, dat äis alleguer eng déckeg Freed kënn maachen. Eise Kulturministere giff sech net „verheeschen“, wann déi néideg Krediter dofir gestallt genge ginn... d'Fro gehéiert jo ganz klor an de Krees vu „Sites et Monuments nationaux“... oder sinn all déi Nimm keng „Monument“?

## riichtduerch

Mir brauchen onheemlech vill **Wierder oder ganz Ausdröcksmänneren, wou knapps een drun denkt, dass si typesch fir d'Lëtzebuergesch sinn.** Huet emol déi däitsch Fassong fir ze soen, d'Geschäfte giffen iwwer Mëtteg net zoumaachen; do heescht, „es ist durchgehend geöffnet“... et fällt hei ower net ville Leit an, fir doraus en „*duerchgehend* op“ ze maachen; mir soen, et wier „*riichtduerch* op“.

Am selwechte Streech fanne mir dann **eise ganz eegene Gebrauch vum Begrëff „riicht“**, deen dat däitsch „gerade“ mengt: *riichtaus, riichtewech (einfach), riicht stoen, riicht eraus (schwätzen), an der Riicht halen, d'Riicht halen, riicht d'Luucht aus, eeriicht...* mä wéi dacks denkt een dann drun, dass déi Ausdröck guer a glat an iwwerhaupt näischt mat Däitsch ze dinn hunn... just mat äis an eiser Sprooch!

## Henriette WALTER...

heescht déi **Universitäts-Professesch** (Haute-Bretagne, Sorbonne, Hautes Études, Société Internationale de Linguistique Fonctionnelle...), déi en **Donneschdeg, den 13 Januar, owes um 19.30 Auer eng Konferenz iwwer déi europäesch Sproochen an Atheneum an der Stad** hält. Ënnert de Sproochspezialisten ass si net nëmme eng vun de respektéierste vun Europa, mä eng unerkannt **Weltautoritéit!** „An déi gëtt sech mam Lëtzebuergesch of?“ frot dir elo vlächent. Mä just, an nawell ouni dass iergendeen déi Madame extra dozou gestëppelt hätt... well eis Sprooch huet schon z.B. an hirem Buch „*L'Aventure des langues en Occident (Édition Laffont, 1994)*“ eng herrlech Plaz!

Den Titel vun hirem Konferenz – déi iwwer de Vertrieber vun der Actioun-Lëtzebuergesch an eise Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise organiséiert ginn ass – heescht dann och guer net zoufälleg „**Les langues de l'Europe et l'exemple remarquable du luxembourgeois**“. D'Madame Walter ass an hirem Aarbecht op eis Sprooch komm, wéi si vun eise Sprooch-Gesetz vun 1984 gewuer ginn ass... dat mir äis och kënnen op de Fändel schreiw... a woumat d'Wichtigkeet vun deer Legislatioun alt erëm eng Kéier ënnerstrach wier...

## Sprooch am Gemengerot

Dat **aktiivt a passiivt Stëmmrecht fir auslännesch Matbierger um Gemenge-Plang** ass eng Saach, iwwer déi roueg jidferen seng perséinlech Meenung kann a soll hunn, obschonns hei ganz sécher e „**Referendum**“ fälleg wier... ee vun de rare Fäll fir „**Direktdemokratie**“!

Datt eventuell ower Leit an engem Gemengerot solle setzen, déi kee Lëtzebuergesch verstinn an natierlech och keent schwätzen, dat kann nëmme ee „vun der Dommeneksmillen“ an e Gesetz wëlle stellen oder als Deputéierte stëmmen. Stellt iech emol esou eng Situatioun an iergend engem anere Land vir... net denkbar, an dat aus ville gudde Grënn. Iwwerleet emol ganz roueg, wéi dat soll an der Praxis ausgesinn. Schilda. Clochemerle. Ubu... Kabes!

Den Här Jean-Marie Halsdorf, e ganz feinen a sympathesche Mann, huet d'Méiglechkeet, mä leider och d'Verantwortung, fir déi absolutt Hiermiddegkeet ze verhënnern... sou wéi jidfer Deputéierten d'Geleeënheet huet, fir säi riichte Réckstrank ze weisen... D'Sproochegesetz vun 1984 a seng Artikelen 3 a 4 ginn hei „pour les douteux besoins de la cause“ total an hirem Sënn verdréint; do geet rieds vu „*langues administratives et judiciaires*“, an de „commentaire des articles“ bezitt sech op dat Schrëftlech, net op den Dialog an enger Sëtzung!!!

*De Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch wënscht alle Membren a Frënn en zefriddent Joer 2011 „wéi eng Sonn“! De „Rutsch“ ass jo zwar eriwuer, an dee brauche mir och net...well 99% vun de Leit mengen, et hätt eppes mat „rutschen“ also och falen ze dinn, dobäi ass et einfach e jiddescht Wuert fir „Rees“, an zwar „rosh“. Egal: maacht et mega-krass-kruppseg!*

*Et ginn elo 40 Joer, dass mir ugefaang hunn, fir eis Sprooch ze wibbelen an ze wudder. Wann Dir d'Resultat iwwerdenkt, da ka kee soen, et wier net dowäert gewiescht...vrn allem ower, well der esouvill mat äis dru gegleeft a matgemaach hunn!*

*All Guddes am Neie Joer*

Feierlech, feierlech...  
ower kee Lëtzebuergesch!

**Fir der Saach keen Ofbroch ze dinn, hu mir deene Leit en Zeeche vu Repekt erweisen an den Owend mat hinne verbruecht, ower net do iwwernuecht.** Dat ass eng Sproochmanéier, déi, wéi de Lentz am Hämmelemarsch seet, „Bänn a Flätschen“ un huet, e Lëtzebuergesch op Stelzen, mat Zylinder an Dunn, blénkeg a glënnereg! Mä wéi dann?... *Fir der Saach net ze schueden an de Leit eise Respekt ze weisen, ware mir deen Owend bei si gaang, hunn ower net do geschlof.*

Vlächent fannt dir nach eng besser „Iwwersetzung“, ower dir wësst, wat am Fong geduecht ass: firwat dann esou opgeblose feierlech, wann et och einfach (riichtewech) geet? **E gudden „Exercice“** ass an deem Fall ëmmer, vlächent eng Iwwersetzung an d'Franséisch ze probéieren, a wien et kann, datselwecht op Englesch... oder ganz einfach sech emol ze soen, wéi een engem dat um Téléphon geng verzielen. Do ass een d'meescht selwer paff, wéi „normal“ esou eppes ka klénken.